PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
04 SEP. 2019
1157

Lëtzebuerg, den 04/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

An de leschte Jore sinn an der Autosindustrie eng Rëtsch interessant Sécherheetsequipementer virgestallt ginn. Ee rezent Beispill ass ee sougenannte Rechtsabbiegeassisten, bei dem Sensore vum Auto Vëlosfuerer erkennen, déi vun hannen ugefuer kommen an eng automatesch bremsung ausléisen. Aner Equipementer bidden dës automatesch Bremssystemer fir d'Verhënnere vu Frontalaccidenter mat Foussgängeren un. Och d'Beliichtung an den Autoen huet sech an de leschte Jore weiderentwéckelt, soudass Autoe mat LED anstatt mat Halogen equipéiert kënne ginn.

All dës technesch Sécherheetsmesuren existéieren a kënnen dozou bäidroen dat vun der Regierung deklaréiert Zil vun der VISION ZERO, dat heescht d'Reduzéierung vun de Stroossenaffer op 0, ze erreechen. De Mobilitéitsminister huet am Aktiounsplang "sécurité routière" d'Promotioun vu Sécherheetsequipementer als ee vun den Haaptdéfien definéiert. Et ass natierlech ze betounen, dass den Abau vun esou Sécherheetsequipementer an den Autoe Geld kascht. Geld, wat virun allem déi sozial schwaach Akommensklassen an eisem Land net hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wëll de Minister den Abau vu moderne Sécherheetsequipementer a lëtzebuergeschen Autoe promouvéieren?
   - Falls jo, wéi soll dëst geschéien?
   - Falls nee, firwat ecartéiert de Minister dës Méiglechkeet?

2. Vu, dass ënnert der aktueller Regierung d'Luuchtepottoen op den Autobunnen ofgesät gi sinn, wär et do net sënnvoll, déi gespuerte Suen an d'Stroosséecherheet ze investéieren?
   - Falls dëst geplangt ass, a wéi eng Mesurë wëll de Minister dës Suen investéieren?
   - Ënnert dem Aspekt, wäert de Minister sech dofir asetze modern a sécher Beliichtungstechnologie fir Autoen, wéi zum Beispill de Xenon oder de LED, fir all Autofuerer méi zougänglech maachen?

3. Wëll d'Regierung de Kaf vu moderne Sécherheetsequipementer an Autoen, ähnlech wéi si et bei den Elektroautoe gemaach huet, subventionéieren?
   - Falls jo, fir wéi eng Sécherheetsequipementer ass dës virgesinn?
   - Falls nee, wéi kënne sozial schwaach Akommensklassen an de Genoss vu modernen a sécheren Autoe kommen?

4. Consideréiert d'Regierung iergendwann nëmmen nach Neiween zu Lëtzebuerg zouzeloossen, déi modern Sécherheetsequipementer virweise kënnen, wéi zum

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Beispill den automatesche Bremsassistent?

- Falls jo, ab wéi engem Datum gëtt dëst envisagéiert a fir wéi eng Sécherheetsequipementer?
- Falls nee, rechent d'Regierung domadder, dass de Marché dat vum selwe reegele wäert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
08 OCT. 2019

Luxembourg, le 8 octobre 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1157 du 4 septembre 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant la promotion de nouveaux systèmes de sécurité dans les véhicules, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
08 OCT. 2019

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°1157 vum 4. September 2019 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

Den honorabelen Deputéierte Marc Goergen freet a senger parlamentarescher Fro ob a wéi de Mobilitéitsministère d'Notze vu moderne Sécherheetsequipementer an Autoe well ënnerstëtzen.

Eng Mesure aus dem nationalen Aktiounsplang fir d'Verkéierssécherheet gesäit vir, datt d'Sécherheetsequipementer déi zum Deel haut schonn an Autoen zum Asaz komme promovéiert solle ginn. An deem Kader ass geplangt, datt zesumme mat sämtlechen Acteure soll eng Informatiounscampagne lancéiert ginn, fir d'Leit iwwert d'Virdeeler an dat richtegt Notze vu Sécherheetsequipementer ze informéieren. Et ass extrem wichteg, d'Chaufferen iwwert de richtegen Ëmgang mat esou Equipementer ze sensibiliséieren. Nëmme wann d'Chaufferen d'Grenzen an d'Virdeeler vun esou Systemer och wierklech kennen, kënnen dës zu enger tatsächlecher Verbesserung vun der Verkéierssécherheet bäidroen. Duerch déi grouss Unzuel vu verschiddene Systemer vun ënnerschiddlechen Hiersteller ass et allerdéngs net ëmmer ganz einfach, fir de potentielle Keefer oder Notzer vun engem Auto ze entscheeden, wéi eng Assistenzsystemer effektiv zu enger Verbesserung vun der Sécherheet bäidroen a wéi se genee funktionéieren.

An deem Kader ass et deemno wichteg, datt eng harmoniséiert Approche an Europa ugestrieft gëtt. Hei kann op déi rezent Aarbechten um europäesche Plang verwise ginn. Am Abrëll vun dësem Joer gouf vum europäesche Parlament ee Reglementsentworf adoptéiert, dee virgesäit, datt an Zukunft d'Gefierer mat méi enger grousser Unzuel vun obligatoresche Sécherheetssystemer mussen equipéiert ginn. Ouni dës Sécherheetssystemer kënnen d'Gefierer an Zukunft net méi fir de Stroosseverkéier zougelooss ginn. D'Reglement gesäit vir, datt no an no verschidde Systemer obligatoresch an den Autoe solle ginn, woubäi als éischt déi Systemer agefouert ginn, déi haut schonn um Marché sinn an ee reellen Effekt op d'Verkéierssécherheet hunn. No an no sollen dann och méi komplex Systemer an d'Gefierer integréiert ginn.

Lëtzebuerg kann dës harmoniséiert Approche ënnerstëtzen déi am Kader vum europäeschen an internationalen Homologatiounssystem ausgeschafft gouf, ee System dat fir Europa virgesäit, datt sämtlech Autoen déi de Minimum vun den Exigenzen, déi iwwert europäesch Homologatioun virgeschriwwe sinn erfëllen, mussen an engem Memberstaat ouni weider administrativ Prozedure kënnen zougelooss ginn. Dëst stellt d'Grondiddi vun der europäescher Gesamthomologatioun duer. Deemno kann de Lëtzebuerger Staat et net verbidden, datt Autoen immatrikuléiert ginn, déi net mat spezifeschen Assistenzsystemer equipéiert sinn, falls dëst net iwwert d'europäesch Direktiven a Reglementer gefuerdert ass.

Op Grondlag vun dësen Explikatioune sinn am Moment dofir och keng Subventioune fir esou Equipementer geplangt.